
FEATURE

# Wat ass een NFT a wat bréngt déi Technologie?

RTL | Update: 31.12.2021 09:40




© Pixabay

**Wien am Internet ënnerwee ass kéint schonn emol vun Non-Fungible Token, also NFTen, héieren hunn. Op den éischte Bléck wierkt et nawell skurril. Leit besëtzen Dateien am Internet a maachen domadder Suen? Ma do stécht déi sougenannten Blockchain Technologie dohannert, wéi z.B. och bei gewësse Cryptowärungen. NFT ass awer keng Wärung, mee et ass quasi digitaalt Eegentum. De Sam Grüneisen vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg erkläert méi genee.**

*Sam Grüneisen: Wann een den NFT da keeft, da gëtt an der Blockchain gespäichert, wiem deen dann elo gehéiert. Dat ass déi ganz Iddi dohannert, dass Kënschtler och mol Sue fir hir Wierker gesi kënnen. Ganz klassesch si vill Kënschtler, déi hir Saachen op hir Websäit stellen, wéi z.B. ob DeviantArt oder Instagram. Dat generéiert vläicht Likes oder Klicks, mee dat generéiert net direkt Suen. Et kann een et also e bësse vergläichen, wéi wann een et an e Musée ausstelle geet an dofir Keefer fënnt.*

Dacks ginn dës NFTe mat Cryptowärung kaf. De Problem bei der ganzer Saach: Wann een e Bild als NFT ubidde wëll, muss een et och ausstelle, fir Keefer ze fannen. Leit maache sech dorausser e Spaass a maache Screenshotte vun de Biller a verdeelen se Gratis am ganzen Internet. De Problem gëtt et awer och ëmgedréint: Vill Leit stellen hir Saache gratis an den Internet a Leit lueden déi Biller einfach erof a bidden se als NFT un. Esou beräichere se sech mat Wierker, déi net hir eege sinn. D'Technologie déi hannert den NFTe stécht, ass dacks och net ganz Ëmweltfréndlech.
*Sam Grüneisen: Et ass wann, dann d'Blockchain, respektiv déi Cryptowärung, déi eben déi gewëssen Blockchain benotzt, déi den NFT benotzt, déi ëmweltschiedlech ass. Déi meescht Cryptowärunge verbrauche nach vill Stroum, fir déi ze generéieren. Voilà dat ass also e bëssen de Klima-Killer.*

Dobäi hunn NFTen hire Wee och schonn an d'Welt bausst dem Cyberspace fonnt.
*Sam Grüneisen: Eppes wat ech gelies hunn ass, dass Leit sech zesumme gedoen hunn, fir e Bild vum Banksy ze kafen, also eng physesch, analog Kopie, déi digitaliséiert hunn an d'Wierk da verbrannt hunn. Lo huet een dat just nach an enger digitaler Form a si hunn dat dann als NFT kreéiert. De Plang war dann, dass dat analoogt Wierkt just nach digital zur Verfügung steet.*

Op der enger Säit e Kopéierschutz, deen net esou wierklech funktionéiere wëll an ausgebeut gëtt, op der anerer Säit en héische Stroumverbrauch. Huet et dann elo iergendee Wäert sech NFTe méi genee unzekucken?
*Sam Grüneisen: Fir mech selwer, perséinlech, an och d'Meenung vum Club, ass dass NFTen zimmlech onsënneg sinn an dass mir mat der Technologie déi dohannert stécht vläicht aner Saache kéinte maachen, déi eventuell méi sënnvoll sinn. Ech géif och scho soen, dass NFTe bleiwe wäerten an dass mir déi net méi esou séier lass ginn. Fir dorausser iergendwéi e Kopéierschutz maachen ze wëllen, wat jo eigentlech den Hannergedanken dovunner war, ass menger Meenung no décke Blödsinn.*


## AM MEESCHTE GELIES

1 Rheinland-Pfalz
Poliziste bei Kontroll erschoss - zwee presuméiert Täter festgeholl

2 LIVETICKER
Coronavirus - D'Situatioun zu Lëtzebuerg an am Ausland

3 Invité vun der Redaktioun (31. Januar) - Claude Meisch
Educatiounsminister hofft, datt bis d'Fuesvakanz keng Schoule mussen zoumaachen

4 Iwwert de Weekend
4.550 Neiinfektiounen, 4 Doudesaffer, 71 Covid-Patienten am Spidol

5 Orpea a Frankräich an der Kritik
Am Mäerz mécht de Konzern zu Lëtzebuerg en Altersheem op

## WEIDER NEWS


Wéi dat Chinesescht neit Joer richteg geféiert gët



"5 vir 12" Autofestival



Best Of "5 vir 12"


Stress am Stroosseverkéier


10 Joer Shopping Queen



"5 vir 12" Coronakanner


Oppasse bei neie Spam a Phishing Mailen!



Den Autofestival leeft

Uewenhi sprangen

Schreift Iech an eis Newsletteren an:
E-Mail-Adress GO

IP DIGITAL
Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

News: National, Meng-Gemeng, International, Europa, Faktencheck, Si hu gespent, Den Invité vun der Redaktioun
Meenung: Carte Blanche, Commentaire, Apropos, Lieserbréiwer
Mobilitéit: News, Trafic, Pëtrolspräisser, Auto-Tester, Autofestival, Autospräisser, Lux-Airport, Radar-Kontrollen, Guidage Parking, Annoncen
Lifestyle: News, Kichen, Gesondheet, Verstoppte Plazen, Reesen, Tech-World, Déiererubrik, Acteur de ma santé, Horoskop
Kultur: News, Wat Leeft, Kino, Musek, Bicher, Sproch, Kräizwuerträtsel, Agenda
Sport: News, Live Arena, Futtball, Basketball, Handball, Dëschtennis, Volleyball, Tennis, Cyclissem, Auto-Moto, Weider Sportaarten
Gaming: News, Review, 11F Gaming, E-Sport, Losch eSports
Fotoen: Aktualitéit, Events a Fester, Kultur, Auto, Télé, Radio, Sport, Pressphoto
Spilleck: Allgemengwëssen, Musek Quiz, Geo Quiz, Kraïzwuerträtsel, Sproochespill, Quiz vum Mount, Déiere Quiz, Sport Quiz
Meteo: Radar, Nidderschléi, Quantitéiten, Wandvitessen
Jobs: Jobdag, Moovijob, Lifelong Learning
Immo: Annoncen
Info: Services de garde, Loterie, Letzshop, SMS Servicer
Télé: Live, Replay, Fotoen, Informatiounen
Radio: Lauschteren, Emissiounen, Musek, Fotoen, Team, Podcasts, Informatiounen

Feedback | Conditions d'utilisation | Privacy | Politique en matière de cookies | Gestion des cookies | RTL Charte | Accidentsfotoen op RTL.lu


© 2022 RTL Luxembourg. All rights reserved.